



Sektioun  
**Gemeng  
Monnerech**

Monnerech, den 25. September 2023

Un de Schäfferot vun der  
Monnerecher Gemeng

**Betrëfft:** Interventioun fir de Gemengerot vum 29. September 2022

Här Buergermeeschter,  
Madamm an Här Schäfte,ën,

Am Kader vum Gemeengegesetz a vum interne Reglement fir d' Organisatioun vum Gemengerot, biede mir lech des Interventioun, op d' Dagesuerdnung vun der Gemengerotssëtzung vum 29. September 2023 ze setzen.

**„Reglement“ Limitatioun vun de Plakater am Kader vun de nationale legislative Walen op de Stroosseluuchten an der Monnerecher Gemeng.**

*Freides Owes den 1. September um 18:55 (5 Stonne virum Delai fir Plakater opzhänken ze goen) krut eng Persoun aus eiser Partei eng Mail vum Buergermeeschter mat enger Decisioun vum Schäfferot vum 31.08.2023. (d'ei hei unhängt)*

*An der Decisioun vum Schäfferot gouf festgehalen a mat roudere Schréift ervirgehuewen, dass Plakater un de Luuchtepottoen op 20 pro Partei limitéiert ass.*

*Ofgesinn dovunner dass mir des Informatioun eréischt nom offiziellen Delai fir Plakater opzhänken, konnte liesen, ware mir iwwert des Uweisung iwwerrascht. Esou eng Moosnam, déi all d' Parteien betrëfft, sollt eiser Meenung no, vue dass et sech em e Sujet vu nationalem Interesse handelt, an alle Lëtzebuurger Gemenge gläich definéiert sinn. Um nationale Plang sinn sech d' Parteien eens ginn, fir e fairen an finanziell limitéierte Walkampf ze garantéieren. Iwwert d' Manéier, wéi sech d' Parteien dem Public solle präsentéieren, ass näischt zeréckbehale ginn. Deemno wär et zu Monnerech, wou de Schäfferot anscheinend eng aner Meenung huet, zumindest ubruecht gewiescht, am Virfeld, d' Verrieder vun all de Parteien un en Dësch ze bréngen, a mat hinnen am Konsens iwwer, lokal eegene Reegelen ze beroden. An deem Fall muss een awer berücksichtegen, dass déi lokal Sektiounen net onbedéngt kënnen eegestänneg handeln an müssen mat hirem nationale Gremium zesummeschaffen wat Produktioun vum Material an d' Koordinatioun ubelaangt.*

*Leider ware mir zu kengem Zäitpunkt informéiert oder agebonnen. Mir vermëssen hei ganz kloer eng demokratesch a fair Approche. Wou ass dat vill versprachend Matsproochrecht vun alle Bedeelegten?*

Esou e Reglement muss no Reegelen an Delaien opgestallt ginn, un déi sech och e Schäfferot muss halen.

- 1. Laut Gemengegesetz muss esou e Reglement vum Gemengerot gestemmt, dem Intérieur zougestallt an (am Reider) publizéiert ginn.**
- 2. Fir Staatsstroossen ass den Verkéiersminister zoustänneg an eng national Autorisatioun gëtt vun der pont et chaussée ausgestallt.**

Fir eis ass et kloer, dass de Schäfferot hei net konform zum Gesetz agéiert a seng Kompetenzen iwwerschratt huet. Mir sinn der Meenung, dass déi, déi d' Reegele maachen, sech an éischer Stell sollen un d' Prozeduren halen. Decisioune, wéi déi heiten, déi eng Portée iwwert eisen Territoire eraus hunn, kënnen nëmme vum Gemengerot geholl ginn.

Et ass nach méi bedauerlech, dass eng laangjärech Verriederin aus der Chamber, Kandidatin vun der CSV-Lescht a fréier Schëffin des Decisioun vum Schäfferot op de soziale Medien publizéiert huet an d'LSAP ugegraff a beschëllegt huet sech net un Gemengereglementer ze halen. Hei muss ee wierklech vum "monde à l'envers" schwätzen a sech Froen iwwert Verständnis zum Fonctionnement vun eisen Instanzen stellen.

Mir verschléissen eis net géint eng Limitatioun vun de Walplakaten a si bereet mat alle Bedeelegten "en bonne et due forme" un engem Reglement mat ze schaffen. Mir géifen proposéieren dat an enger nächster Sitzung vun der Reglementskommissioun zesummen ze maachen.

Eis Froen un de Schäfferot

- Onofhängeg vum legale Kader, dee mir vehement a Fro stellen - ass de Schäfferot der Meenung, dass eng Benoriichtung per Email un eng Persoun pro Partei a quasi ouni Délai, déi richteg Approche ass, fir Aarbechten ze verhënneren, déi mëttelfristeg geplangt musse ginn? (jiddereen, deen an enger Partei, oder soss am Benevolat, matschafft, weess vu wat mir schwätzen)
- Vue dass mir hei vun enger Moosnam schwätzen, déi d' Fräiheet an d' Aktiounen vun de politesche Parteien massiv aschränkt, sinn mir der Meenung, dass dëst nëmme kann iwwert e Gemengereglement en bonne et due forme geschéien. Ass de Schäfferot der Meenung, dass d' Decisioun, déi d' Wal-Propaganda limitéiere soll, net an den Entscheidungsberäich vum Gemengerot gehéiert?
- Huet de Schäfferot sech an dëser Fro juristeschem ofgeséichert oder gëtt et eng offiziell Stellungnam vun der autorité de tutelle, also dem Intérieur? Wann jo, kënnen mir deen Avis kréien?
- Ass de Schäfferot der Meenung, dass d' Befugnisser vun eiser Gemeng och d' Infrastrukturen vum Staat kënnen betreffen? Wann jo, gëtt et en Accord vum Verkéiersministère a kënnen mir deen gesinn?

Mat beschte Gréiss.

Conseillere vun der Sozialistescher Partei.

Danielle BASTIAN ép. JUCHEM

Anne BECKER

John VAN RIJSWIJCK

TR: Commune de Mondercange | Élections législatives 2023 | Informations relatives au mise en place des affiches de campagne

John Van Rijswijck [REDACTED]

Lun 04/09/2023 09:04

À : John Van Rijswijck [REDACTED]

Mat frëndleche Gréiss | Mit freundlichen Grüßen | Meilleures salutations | Best regards



John Van Rijswijck  
Conseiller Communal



BEFORE YOU PRINT, THINK ABOUT THE ENVIRONMENT.

De : Jeannot FÜRPASS [REDACTED]

Envoyé : vendredi 1 septembre 2023 18:55

À : Nancy Arendt [REDACTED]; John Van Rijswijck [REDACTED]; Servais Quintus

[REDACTED]; Marc Schramer [REDACTED]; Steven Curfs [REDACTED]

Objet : Commune de Mondercange | Élections législatives 2023 | Informations relatives au mise en place des affiches de campagne

pour votre information

Mesdames, Messieurs,

Le présent mail pour vous faire part de la décision du collège des bourgmestre et échevins du 31/08/2023 portant sur les règles en vigueur concernant la **mise en place d'affiches de campagne électorale sur le territoire de commune de Mondercange**.

En premier lieu, le collège des bourgmestre et échevins renvoie aux consignes émises par le gouvernement dans son communiqué du 19/05/2023 dont les détails peuvent être consultés ci-après:

[https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes\\_actualites/communiques/2023/05-mai/19-installation-panneaux-electoraux.html](https://gouvernement.lu/fr/actualites/toutes_actualites/communiques/2023/05-mai/19-installation-panneaux-electoraux.html)

En second lieu, le collège des bourgmestre et échevins vous fait part des **lieux de placardage officiels** qui sont:

- Mondercange, rue Arthur Thinner, côté gauche à l'entrée de rue
- Foetz, rue Jean-Pierre Bicheler, au niveau de l'arrêt de bus, avant le rond-point
- Pontpierre, Grand-Rue, près du parking de l'église
- Bergem, rue de Schifflange, sur le parvis du centre culturel "beim Nèssert"

**Le format des affiches est A0 (zéro).**

En dernier lieu, **le collège des bourgmestre et échevins a limité le nombre d'affiches à accrocher sur les lampadaires à 20 par parti politique.**

Je reste à votre entière disposition pour tout autre renseignement complémentaire.

Respectueuses salutations